Ressourcen Dag

um Gréis

Samschdes, den 2. Juli 2022

10.00 - 16.00 Auer

A Workshops zum nohaltegen Ëmgang mat eise Ressourcen fir Grouss a Kleng, ginn Theme wéi d'Notzung vu Reewaasser an Holz, awer och de verantwortlechen Ëmgang mat Iesswueren opgegraff.

Et gëtt op verschiddene Stänn ee klenge Maufel ze schmaachen. Fir de groussen Honger, bréngt w.e.g. ären eegene Picknick mat. Fir Sëtzgeleeënheeten an eng Waassertankstell ass gesuergt.

De beschte Wee fir an de Gaart geet zu Bierchem op der Gare lass. Hei ginn et genuch Parkplazen an hei geet och de Rallye lass bis op „de Gréis".

Op 1,4 km erwaarden Iech e puer kleng Froen a wien eis d'Léisungswuert zum Schluss ka verroden, kritt e klenge Kaddo.

Alternativ fiert och eng Navette. D'rue de la Montée zu Bierchem ass deen Dag fir de Verkéier gespaart.

Vue datt d'Aktivitéit dobaussen ass, dot iech w.e.g. dem Wieder entspriechend un – vu Reen bis Sonnecrème.
Am Gaart ass kee festen Ënnergrond, dofir rode mir Iech zu feste Schong a fir de Fall wou, zu enger Outdoorpoussette.

Organisatioun:

RÉISERBANN d'Réiser Gemeng

VUM GRÉIS

obeler fenneng:beetebuerg: hunchereng näerzeng

eis gemeng

APEMH FONDATION

on.perfext

KlimaPakt Meng Gemeng engagéiert sech

NaturPakt Meng Gemeng engagéiert sech



40, rue de la Montée
L-3321 Berchem

Trailer

Kontakt

Service écologique
Gemeng Beetebuerg
T+352 51 80 80 2848

The biggest little farm

Filmowend am Ciné le Paris

Donneschdes, den 30. Juni
um 20.00 Auer

Original Versioun op Englesch mat däitschen Ënnertitelen.
No der Projektioun offréiert d'Gemeng Beetebuerg e Patt.